ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 5284 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen schreift d'Madamm Familljeminister: *"De Familljeministère wëll och weiderhin d'Housing-first-Strukturen ausbaue fir obdachlos Mënschen ouni Ëmweeër vun der Strooss an eng fest Wunneng ze kréien, fir dann uschléissend hir Situatioun ze stabiliséieren. Esou ass fir 2022 ugeduecht* ***en Housing First Projet fir Fraen*** *ze developpéieren."*

An derselwechter Äntwert schreift d'Madamm Minister: *"Dëst Joer [2021] am Mee gouf an der Stad eng Halte de nuit opgemaach, déi sech* ***spezifesch u Fraen*** *adresséiert. Dëst ass ee Projet vun der Caritas, dee vum Familljeministère finanziell ënnerstëtzt gëtt."*

An dësem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

Aus wéi enge Grënn ass decidéiert ginn, dee fir 2022 ugeduechten Housing-First-Projet just fir Fraen ze realiséieren? Si weider Strukture virgesinn, wou och Männer kënnen opgeholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten